ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. November 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Entwécklungshëllef an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Bei der Debatt iwwer d'Entwécklungshëllef, den 18. November 2015 an der Chamber, huet den Här Minister fir Entwécklungshëllef erklärt, datt d'Regierung bewosst de Choix geholl huet, fir net alles op d'Entwécklungshëllef unzerechnen, wat no de Regele vum DAC vun der OECD kéint ugerechent ginn. Dozou gehéieren Depense fir de Klimaschutz, Hëllefe fir Studenten, Depensen am Zesummenhank mat Migranten, an esou virun.

Aktuell erkläert d'Regierung jo schonn, datt d'Entwécklungshëllef, inklusiv där humanitärer Hëllef, iwwer engem Prozent vum Bruttonationalakommes läit.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister fir Entwécklungshëllef an dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1. *Firwat huet d'Regierung de Choix geholl, fir net alles op d'Entwécklungshëllef unzerechnen, wat no de Regele vum DAC kéint ugerechent ginn?*
2. *Wéi héich ass déi lëtzebuergesch Entwécklungshëllef an absoluten Zuelen a relativ zum Bruttonationalakommes wann all Depense géingen integral sou ugerechent ginn, wéi d'DAC et erlaabt?*
3. *Rechent Lëtzebuerg all déi Depense fir Friddensoperatiounen (OMP) déi kéinten no der DAC ugerechent ginn, och effektiv an integral der Entwécklungshëllef zou?*
4. *Gëtt et Länner déi hir Contributioun zum Klimafong oder dem neien Ënnerstëtzungsfong fir Afrika, dee nom EU-Afrika Sommet vu Malta gegrënnt gouf, och op hir Entwécklungshëllef urechnen?*
5. *Rechne Länner wéi Schweden, Norwegen an Dänemark all hir Depensen fir d'Entwécklungshëllef konform zum DAC-Modell oder maachen se, wéi Lëtzebuerg, Exceptiounen? Wa jo, wéi eng?*

Mat déiwem Respekt

r
nand Kartheiser

Deputéierten